N°4232
Entrée le 12.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„ De Bureau vun den Amenden a vum Recouvrement vun der d'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA këmmert sech ënnert anerem ëm de Recouvrement vun Amenden ënnerschiddlecher Natur. Eisen Informatiounen no, géif den Enregistrement verschidden net bezuelten administrativ Amenden, déi ënnert engem gewësse Seuil leien, net systematesch poursuivéieren.

An deem Kader wollte mir dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Kann de Finanzminister dëst bestätege ? Falls jo, op wéi enger rechtlecher oder administrativer Basis geschitt dat?
- Ab wéi engem Montant ginn administrativ Amenden duerch den Enregistrement aktiv poursuivéiert?
- Wéi vill administrativ Amendë sinn zënter 2024 opgeschlësselt no Joer a Montant, verhaang ginn ?
- Wéi vill vun dësen Amendë sinn net bezuelt ginn?
- Wéi vill vun den net bezuelten Amendë goufen poursuivéiert a recouvréiert?
- Wéi grouss ass de finanzielle Verloscht u staatleche Recetten duerch onbezuelten Amenden pro Joer? “

Mat déiwem Respekt,

| | | | |
|---|---|---|---|
| Marc Hansen<br>Deputéierten | Corinne Cahen<br>Deputéiert | Gusty GRAAS<br>Deputéierten | Mandy MINELLA<br>Deputéiert |

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu